PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/12/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Wärend dem Héichpunkt vun der Covid-Pandemien sinn an den Impfzentren zu Lëtzebuerg dausende Persounen pro Dag geimpft ginn. D'Hale ware voll an d'medezinescht Personal op der Plaz war ausgelaascht. Haut ass d'Situatioun eng aner: wien selwer rezent am Impfzentrum um Lampertsbierg war, dee war erstaunt doriwwer, dass zu ville Momenter méi Personal ewéi Patienten an der Hal uwiesend waren.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen hu sech an deene leschten 12 Méint (opgeschlësselt pro Mount) an deene verschiddenen Impfzentren hei am Land impfe gelooss?
2. Wéi vill Personal war am Duerchschnëtt iwwert déi eenzel Méint an den Impfzentren opgestallt?
3. Wéi eng lafend Käschten bréngt een Impfzentrum pro Mount mat sech (Personal an Energiekäschte mat abegraff)?
4. Wéi eng Indicateure berécksiichtegt d'Ministesch fir een Impfzenter zou ze maachen an d'Impfung op anere Plazen dezentraliséiert unzebidden?
5. Wéi schnell wier een Impfzenter am Fall vun enger weiderer Covid-Well erëm asazbereet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten